

# Maya BARBANGELO

**Alter beim Hiereschlag**
Nach am Bauch vu menger Mamm, éier ech gebuer gi sinn, hunn ech den Hiereschlag gemaach.

**Famill**
Meng Elteren heesche Sylvia Napoli a Marc Barbangelo. Ech si momentan Schülerin am LTPES.

**Beruff**
Ech hunn nach kee richtege Beruff, mee spéider wëll ech Educatrice ginn a mat beanträchtegte Persoune schaffen.

**Wat ech mëttlerweil besser kann**
Et ginn natierlech Saachen, déi ech elo besser ka wéi als Kand. Et si grad kleng Saachen, déi mir weisen, dass ech Fortschrëtter maachen. Et geet net ëmmer alles direkt, mee mat der Zäit mierken ech awer, dass et ëmmer besser klappt, och wann et net ëmmer direkt geet, mee all kleng Etapp zielt.

**Wat ech duerch den Hiereschlag verluer hunn**
An der Primärschoul hunn ech erkannt, dass ech anescht sinn wéi déi meescht Kanner. Meng Matschüler hu mech awer sou akzeptéiert a mir direkt hir Hëllef ugebueden, wann ech se gebraucht hunn.

Am Lycée krut ech iergendwann „aménagenents raisonnables“. Ab 5e huet et domat ugefaang, dass Leit aus menger Klass dat matkritt an onfair fonnt hunn. Dat krut ech och ze spieren. Dono hunn ech d'Schoul gewiesselt a sinn an der beschter Klass gelant, déi ech jee hat. Ech hat nämlech am Ufank vum Joer eng PowerPoint iwwer mech gemaach, fir ze erklären, wat ech hunn, a si hu mech dunn esou ugeholl, wéi ech sinn, a genau esou behandelt, wéi all aneren och.

**Wat ech duerch den Hiereschlag gewonnen hunn**
Ech hu geléiert, dass ech vill méi staark sinn, wéi ech geduecht hunn. En Hiereschlag ze hunn, nach éier een op d’Welt kënnt, dat ass näischt, wat ee sech virstellt oder wourop ee sech virbereede kann. De Schlag huet villes verännert: Ech gesinn d’Liewen anescht, méi mat Respekt, an heiansdo och mat Angscht. Mee och mat engem klengen „Ech kréien dat schonn hin“ am Hannerkapp. Et huet meng Aart a Weis geännert, wéi ech mat Saachen ëmginn.

**Bilan**
Ech géing et net als Kaddo bezeechnen, mee ech hu vill iwwert mech geléiert. Ech si sécherlech net wéi aner Leit a mengem Alter, an dat ass och ok sou.



**Âge lors de l’AVC**
Avant même de naître, alors que j’étais encore dans le ventre de ma mère, j’ai eu un AVC.

**Famille**
Mes parents s’appellent Sylvia Napoli et Marc Barbangelo. Je suis actuellement élève au LTPES.

**Profession**
Je n’ai pas encore de profession, mais plus tard, j’aimerais devenir éducatrice et travailler avec des personnes en situation de handicap.

**Ce que je sais mieux faire maintenant**
Aujourd’hui, je réussis mieux certaines choses qu’à l’époque où j’étais enfant. Ce sont surtout de petites choses qui me montrent que je progresse. Tout ne fonctionne pas toujours immédiatement, mais avec le temps je remarque que cela va de mieux en mieux – même si ce n’est pas toujours instantané, chaque petite étape compte.

**Ce que j’ai perdu à la suite de l’AVC**
À l’école primaire, j’ai compris que j’étais un peu différente des autres enfants. Mais mes camarades m’ont acceptée et m’ont tout de suite proposé leur aide quand j’en avais besoin. Au lycée, j’ai fini par bénéficier d’« aménagements raisonnables ». À partir de 5e, certains camarades de classe l’ont su. Ils m’ont clairement fait sentir qu’ils trouvaient cela injuste. Ensuite, j’ai changé d’école et je suis tombée dans la meilleure classe de ma vie. Au début de l’année, j’avais fait un PowerPoint sur moi pour expliquer ce que j’avais, et ils m’ont alors acceptée telle que j’étais, en me traitant exactement comme tout le monde.

**Ce que j’ai gagné à la suite de l’AVC**
J’ai appris que j’étais bien plus forte que je ne le pensais. Avoir un AVC avant même de naître, ce n’est pas quelque chose qu’on peut imaginer ou pour lequel on peut se préparer. Cet événement a changé beaucoup de choses : je vois la vie différemment, avec plus de respect, et parfois aussi avec un peu de peur. Mais j’ai toujours ce petit « je vais y arriver » dans un coin de ma tête. Ça a changé ma manière de gérer les choses.

**Bilan**
Je ne qualifierais pas cela de cadeau, mais j’ai beaucoup appris sur moi-même. Je ne suis certainement pas comme les autres personnes de mon âge, et ça me va très bien.

**Blëtz a.s.b.l.**
Lëtzebuerger Associatioun fir Betraffener vun engem Hiereschlag

68, rue du Château L-3217 Bettembourg · Tél. : 26 51 35 51 / 621 88 00 88
info@bletz.lu · www.bletz.lu · CCPL LU84 1111 7009 1792 0000